

No 6404

CHAMBRE DES DEPUTES

Session ordinaire 2012-2013

* * *

Discours - Sylvie ANDRICH

Här President,

Dir Damen an dir Hären,

Fir d'aller Éischt erlaabt mer dem Rapporteur, dem honorabelen Här Roger Negri, villmools Merci ze soen fir säin ausféierlechen mëndlechen a schrëftlechen Rapport.

Den Phänomen vun der illegaler Aarbecht ass sécherlech schwéier ze quantifiéieren, besonnesch fir e Land ewéi Lëtzebuerg. Et ginn hei keng kloer Donnée déi et erlaben géifen d'Relatioun zwëschen der illegaler Immigratioun an der illegaler Aarbecht genee ze chiffrieren.

Op europäeschem Niveau ass et och net einfach dësen Phänomen genee ze quantifiéieren. D'europäesch Kommissioun schwätzt vun 4,5 bis 8 Milliounen Leit déi sech illegal an EU Memberstaaten ophalen a schaffen. D'illegal Aarbecht ass besonnesch an Secteuren wéi dem Bauwesen, der Agrikultur, dem Botzsecteur, der Hotellerie an der Restauratioun zeréckzefannen.

D'Äntwert vun der EU op dësen Phänomen ass d'Directive 2009/52/CE iwwert Minimalnormen fir Sanktiounen géint Employeuren déi Leit aus Drëttstaaten ouni regulär Openthaltsgenehmigung engagéieren. Den Gesetzprojet iwwert deem mer haut ofstëmmen setzt dës Directive ëm. Et geet drëms d'illegal Aarbecht ze verbidden. Den Terme «illegal Aarbecht» ass vun der Directive als Emploi vun Bierger aus Drëttstaaten déi sech illegal an engem EU-Memberstat ophalen definéiert.

Mir hunn Haut schonns eng Rëtsch Regeln an eisem Code du travail déi en ähnlechen Verbued virgesinn an dat an den Artikelen L.571-1 bis L.571-11. Et handelt sech heibäi an méi generellen Termen ëm den *travail clandestin*, also ëm d'Aarbecht ouni Genehmigung, dat heescht illegal Aarbecht an all sengen

Formen ouni onbedéngt eppes mat der illegaler Immigratioun ze dinn ze hunn. Illegal Immigratioun an travail clandestin sinn keng Synonymen!

Directive an och den Gesetzprojet sinn also spezifesch op den Verbued vum Astellen vun Aarbechter aus Drëttstaaten an déi, déi zu Lëtzebuerg keng Openthaltsgenehmegung hunn, geménzt.

Dofir kréie mer duerch den Gesetzprojet och eng Rëtsch nei Artikelen an eisen Code du Travail déi d'Astellen vun illegalen Migranten verbidd an d'Obligatiounen vum Employeur festleeën, deen en Drëttstaatler engagéiert. An deem Kontext, gesinn d'Directive an den Gesetzprojet eng Rei Oplagen fir d'Employeuren fir déi an der Haaptsaach doranner bestinn vun Ufank un sécher ze goen datt si Leit astellen déi eng regulär Openthaltsgenehmegung hunn. D'Employeuren müssen och an deem Kontext mat den nationalen Autoritéiten kooperéieren wann Investigatiounen am Zesammenhang mat der illegaler Immigratioun stattfannen. Si müssen zu all Moment beweisen kennen dat si Leit mat regulären Openthaltsgenehmegungen agestallt hunn.

Doriwwer eraus ginn et och konkret finanziell, administrativ an, am schlémmsten Fall, penal Sanktiounen falls et zu engem Verstouss géint dës Dispositiounen kommen géif.

Ech well, an dem Kontext, nach emol ervirhiewen datt et der Directive net drëms geet géint d'illegal Immigranten virzegoen, mä géint d'Astellen vun Aarbechterskräften déi sech illegal an engem Memberstaat ophalen. Directive sanktionéiert also den Employeur an net den Aarbechter deen op eng illegal Aart a Weis agestallt gouf!

D'illegal Immigranten selwer sinn jo an sech an dësen Fäll Opfer well hir Aarbechterskraaft zu Dumpingspräisser ausgenutzt gëtt ouni vun irgend enger sozialer Sécherheet profitéieren ze kennen.

Interessant an deem Zesammenhang ass sécherlech datt d'Employeuren gezwongen ginn, deenen Leit déi si illegal agestallt hunn, deen Salaire auszebezuelen op deen se e Recht gehat hätten wann se ënner legalen Ëmstänn agestallt ginn wieren.

Ech wëll un dëser Stell ënnersträichen datt haut schon am Artikel 146 vum Gesetz vum 29. August 2008 steet dat den auslänneschen Aarbechter e Recht

op säin legalen Salaire huet. D'Ëmsetzen vun der Directive ersetzt dësen Artikel duerch eng nei, méi komplett Dispositioun déi och nach virgesäit dat den Migrant en Recht op d'assistance judiciaire duerch en Affekot huet an en Recht säin Salaire anzekloen. Doriwwer eraus muss den Employeur fir d'Onkäschten vun der Réckféierung vum illegalen Migrant an säin Heemechtsland opkommen. An iwerhaapt, muss den Migrant iwwert all seng Rechter informéiert ginn.

En aneren wichtegen Aspekt vum Gesetzprojet, sinn d'Amendementer déi d'Regierung en cours de route mat abruecht huet fir enger rezenter Jurisprudenz vun der Cour administrative Rechnung ze droen. D'Cour hat festgestallt dat et zu Lëtzebuerg keng Priorité d'embauche gëtt fir Lëtzebuerger oder EU Bierger. Esou eng Prioritéit kann och net, ouni spezifescht nationaalt Gesetz, aus dem EU-Recht eraus interpretéiert ginn. Dofir, gesäit den Gesetzprojet elo explizit a par rapport zu Bierger aus Drëttstaaten, en Astellungsviirrecht (Priorité d'embauche) fir Lëtzebuerger an EU-Bierger fir.

Här President,

Dir Damen an dir Hären,

D'illegal Immigratioun ass een vun deenen gréissten Defi'en deenen Europa haut ausgesat ass. Keen Mënsch verléisst seng Heemecht gären! Mä wann awer an der Heemecht d'Zoustänn esou sinn dat et sech do net méi ënnert Mënschewierdegen Konditiounen liewen léisst, an daat ass rondrëm D'EU leider ganz oft den Fall, dann entscheeden sech Milliounen vun Leit hiert d'Land ze verloossen, an der Hoffnung op en bessert Liewen, eng besser Zukunft, eng Aarbecht déi hinnen et erlaabt hir elementar Besoin'en ze decken. A genau do ass d'Enttäuschung grouss: kaum bei eis an Europa ukomm, riskéieren déi selwecht Leit ausgenutzt ze ginn fir wäertvoll Aarbecht ënner Mënschenonwierdegen Konditiounen an an der kompletter Illegalitéit ze leeschten. Nët dovun ze schwätzen ënnert wéi engen katastrophalen Zoustänn déi Leit liewen oder, besser gesot, hausen müssen. Den Dram vun Europa gëtt zur Verlängerung vum Cauchemar vun virdrun.

Loossen mer eis näischt virmaachen, illegal Immigratioun steet oft am Zesammenhang mat organiséiertem Verbruechen, mat Mënschenhandel!

Dofir ass et gutt an dofir ass et richtig datt déi Directive déi mer haut ëmsetzen net den illegalen Migrant, mä den Patron deen dësen astellt sanktionnéiert. Dofir ass et och richtig dat déi Leit déi zu dësen illegalen Konditiounen agestallt goufen finalement e Recht hunn op den legalen Salaire deen hirer Aarbecht entsprécht. Dann war déi Zäit déi se hei geschafft hunn wéinstens net fir näischt och wann dat nëmmen eng Drëps op den waarmen Steen ass.

Jo, ech muss zouginn, dat och dësen Projet de loi, dës Directive, net déi mënschlech Tragedie déi hannert der illegaler Immigratioun besteet, aus der Welt schaaft. Nee, déi Betreffen wäerten an hiert Land zeréckgefouert ginn wou et hinnen duerno och net besser wärt goen.

Mä, an dat musse een och soen, wann vun fir eran d'ASTellen vun illegalen Migrant verbueden ass a wann domadder kloer Sanktiounen verbonnen sinn, dann gëtt d'illegal Immigratioun manner interessant, dann wäerten déi déi sech bëlleg Aarbecht vun baussen wëllen huelen villäicht zweemol iwverleeën op se dat solle maachen op se Leit aus Drëttstaaten mat enger Illusioun wëllen lackelen, enger falscher Illusioun vum besseren Liewen an Europa!

Den Gesetzprojet mécht d'Aen net zou virun der Responsabilitéit déi mir, déi eis Employeuren, am Zesammenhang mat der illegaler Immigratioun ze droen hunn. An dofir suergt en fir en besseren Equiliber zwëschen engersäits der Realitéit vun der illegaler Immigratioun an anerer Säits der Responsabilitéit déi all Land och bei sech dofir ze droen huet.

Aus deenen Grënn ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun fir de Vote vum Gesetzprojet 6404.